

Wéi gi Wëllstaude geplanzt?

Fir dass déi wäertvoll Staude gutt ukommen an an d'Bléi kommen, si puer Punkten ze beuechten. De Buedem, an deem d'Staude gesat ginn, soll onkrautfräi a moer sinn. Bei der Auswiel vun de Staude sollten d'Buedem an d'Lichtkonditioune vum Standuert berücksichtegt ginn. Idealerweise gëtt am Hierscht, alternativ awer och am Fréijoer bis Mëtt Mee geplanzt. Eenzel Staude kënnen an e besteeënd Beet integréiert oder an e Bac mat jeweils 1/3 Äerd, Kompost a Sand gesat ginn.

Uleeë vun engem Staudebeet

Fir e villfältig a strukturéiert Beet ze schafen, ass et wichteg, Staude mat verschiddene Wuesshéichten, Bléifaarwen a Bléizäiten ze kombinéieren. Esou kënn Dir virgoen:

- 1 Buedem 10-20 cm déif lockeren
- 2 Evtl. ca. 2 cm Kompost uewerflächlech aschaffen
- 3 Staude placéieren
- 4 Ofstand vun de Staude préiwen (ca. 20-40 cm)
- 5 Planzlach aushiewen
- 6 Staude liicht méi déif wéi de Buedem setzen a mat e bësse Buedem bedecken
- 7 Gutt näzen

Méi Detailler fannt Dir op www.wellplanzen.lu.

Fleeg vun engem Staudebeet

Während d'Stauden nach wuessen, sollt reegelméisseg genat ginn. Verblitt Planze sollten eréischt am Fréijoer drop zeréckgeschnidde ginn, sou dass Insekten a Vullen am Wanter Fudder a Schutz fannen. Mat dëse puer einfache Schrëtt entsteet e liewegt, naturnot Beet, dat iwwee Joren ewech Freed mécht.

Zousätzlech Informatiounen

Kommt laanscht op eis Internetsäit:
www.wellplanzen.lu



Leedung vum Projet

Naturschutzsyndikat SICONA

12, rue de Capellen
L-8393 Olm
Tel.: (+352) 26 30 36 25
info@sicona.lu | www.sicona.lu



Partner

Rieger-Hofmann GmbH

In den Wildblumen 7-13
D-74572 Blaufelden-Raboldshausen
Tel.: (+49) 7952 92 18 89-0
info@rieger-hofmann.de
www.rieger-hofmann.de



Musée national d'histoire naturelle

25, rue Münster
L-2160 Luxembourg
Tel.: (+352) 46 22 33-1
www.mnhn.lu



Finanzéierung

Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit

4, place de l'Europe
L-2918 Luxembourg
www.emwelt.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité


An Zesummenaarbecht mat ville weidere Partner:

www.wellplanzen.lu/projektpartner

Layout & Fotoen: SICONA, 2025.



Wëllstaude
fir Lëtzebuerg
aus zertifizéiertem regionalem Ubau



Staudenbeeter an naturno Gäert

Déi grouss Villfalt u gebittseegene Wëllstauden begeeschert net just eis Mënschen, mee och eis sëlleg Insekten an aner Déieren. Wëllt och Dir an Ärem Gaart dat liewegt Dreiwé vum Insekten a Vulle souwéi déi faarwefrou Bléiepraecht vu wëlle Planze genéissen? Oder plangt Dir op betriblechen oder kommunale Flächen naturno Liewensräim fir d'Artevillfalt ze schafen? Da sollten d'Wëllstauden vu *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* onbedéngt eng Plaz an dës Beeter fannen.



Wéi sou Wëllplanzen?

Wëllplanzen gesinn net just schéin aus, se bidde ville Bestëbser och liewenswichtig Fudderquellen wéi Nektar a Pollen. Weiderhi stelle si villen Insekten, Vullen an aneren Déieren e Liewensraum zur Verfügung a fërdere domat och d'Artevillfalt. Den Asaz vun net eenheemesche Planzen biergt dogéint allerdéngs Risiken, wéi d'Verfälschung vun eiser heemescher Flora.

Nieft dem ökologesche Wäert sinn d'Wëllstauden och besonnesch gutt fir Beeter géeeegent, well si robust sinn an ideal un déi lokal Bedéngungen ugepasst sinn. Fir all Standuert – ob an der Sonn oder am Schiet, dréchen oder fiicht – ginn et passend Stauden, déi eis Balconen, Gäert a Gréngflächen beräicheren. Och bléie si vill Jore laang, well si méijäreg a wannerhaart sinn.



Nohalteg Produktioun vu Wëllstauden

Dee fir d'Opzucht benotzte Som gëtt vu Biologen no de Virgabe vum Reegelwierk *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* an de verschiddenen Naturräim zu Lëtzebuerg gesammelt. Zertifizéiert Gäertereien zéien doraus Jongplanzen un, déi mat gudder Fleeg zu Stauden eruwuessen. Dobäi kommen am Sënn vun der Nohaltegkeet ausschliisslech am ökologeschen Ubau zougeloosse Planzeschutz- an Düngemëtzel zum Asaz. D'Substrat vun de Stauden ass zum Schutz vun de Moueren torrfreäi.

Zertifizéierung fir eng Qualitéssécherung

Ënner dem Zertifikat *Wëllplanzesom Lëtzebuerg-Stauden* gi Wëllstauden mat gebittseegener Hierkonftsqualität no ökologesche Krittären produzéiert a verkaf. Dës Qualitéit gëtt duerch eng reegelméisseg Kontroll séchergestallt. Heibäi gëtt gepréift, ob d'Krittären an d'Qualitätsstandarden zur Regionalitéit an zur nohalteger Produktioun vun de Stauden agehale ginn. Dir erkennt *Wëllplanzesom Lëtzebuerg*-zertifizéiert Stauden um Qualitéssigel:



Wou kann ee LUX-Stauden kafen?

Bei follgende Partner kënnen LUX-Stauden kaaft ginn:

Lëllger Gaart

30, Duarefstrooss
L-9762 Lullange
+352 99 47 84-1
info@lellger-gaart.lu
www.lellger-gaart.lu

CNDS-Services S.à.r.l.


14, In den Allern
L-9911 Troisvierges
+352 26 95 74 21
equipegaart@cnds.lu
services.entraide@cnds.lu
www.cnds.lu

Lycée Technique Agricole



Verkauf Ufro
1, Kriewinkel
L-9374 Gilsdref
+352 81 85 25-1
www.lta.lu

Op der Schock

34a, Route de Reichlange
L-8508 Redange
+352 26 62 18 81
info@ods.lu
www.ods.lu



Kaartegrond: BD-Top © Administration du Cadastre et de la Topographie, Luxembourg.



LUX-Mëschung fir d'Uleeë vu Blummewiesen oder Bléisträifen

Nieft de LUX-Stauden produzéiert *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* och Geseems vun heemesche Wëllplanzen aus zertifizéiertem regionalem Ubau.

Op www.wellplanzen.lu fannt Dir d'Detailer zu de Mëschungen an zu de Verkafsplazen.

